



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6936 vum 30. September 2022 vum éierbaren Deputéierten Fred Keup iwwert "Fuite du liquide de fermentation dans l'usine de biogaz de Gonderange"

Ass bis dato schonn eppes iwwert de Gesamt-Ëmfang vum Schued gewosst, deen d'Auslafe vun dëser Gärflessegkeet op d'Ëmwelt hat, respektiv, nach huet?

Kann d'Madamm Minister matdeelen, a wéi engem Ëmfang speziell och de Buedem vun den ëmleiede Wissen a Felder kontaminéiert gouf?

Konnten dës Biedem bis dato scho komplett dekontaminéiert ginn? Wann nee, wéini wäert dës Dekontaminatioun viraussichtlech kënnen ofgeschloss ginn?

Kann d'Madamm Minister präziséieren, wou d'Gärflessegkeet, déi de CGDIS nach konnt opfänken, entsuergt gouf, respektiv, nach entsuergt gëtt?

Ech verweisen fir dës Froen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°6885 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Cécile Hemmen.

Kann d'Madamm Minister präziséieren, ëm wéi eng Gärflessegkeet et sech genee handelt ? Handelt et sech ëm Gefligel-, Schwéngs- oder Rannergülle?

De Bedreier vun der Biogasanlag huet d'Geneemegung fir a senger Anlag ënner anerem Gefligel-, Schwéngs- oder Rannergülle ze vergären.

Zum Zäitpunkt vum Tëschefall sinn an der Anlag Mais, Ganzpflanzensilage, Kraft-Mix (Kärenoffäll), Rannermëscht, Rannergülle a Gefligelmëscht behandelt ginn.

Kann d'Madamm Minister präziséieren, ob dës Gärflessegkeet ausschliisslech Lëtzebuurger Hierkonft ass? Gouf, respektiv, gëtt an där genannter Biogasanlag zu Gonnereng och Gärflessegkeet traitéiert, déi aus dem Ausland kënn? Wa jo, aus wéi engem Land, respektiv, aus wéi enge Länner kënn dës Gärflessegkeet?

D'Substrater déi an der Biogasanlag vergäert gi kommen net ausschliisslech aus Lëtzebuerg. An der Biogasanlag gi Substrater behandelt, déi aus Holland, der Belsch, Däitschland an aus Lëtzebuerg kommen.

Lëtzebuerg, den 4. November 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung